N°1122
Entrée le 22.08.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.08.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/08/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An der Äntwert op d'Fro n°957 huet d'Regierung geäntwert:
*"Et goufe keng Sue fir déi Foto an de Post op X vun der Mobilitéitsministesch fir den Deplacement den 19. Juni op Dikrech ausginn. An der Reegel ass et esou, dass e Beamten/in, deen/déi si begleet oder d'Ministesch selwer eng Foto mecht. D'Ministesch ass an den neien Technologië verséiert genuch, grad esou ewéi vill vun hiren Kolleegen/innen, fir selwer an den sozialen Medien ze posten."*

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann Ministesch bestätegen oder widderleeën, dass fir verschidde Chamberskommissiounen extra eng Fotografin mat komm ass, fir d'Ministesch ze fotograféieren, obwuel vun der Chamber Fotoen geholl gi sinn?

   Wat ass d'Roll vun dëser Persoun, déi d'Fotoen hei geholl huet?

2. Verwalten, ausser der Ministesch, nach aner technologie-verséiert Persounen d'Social Media Profiler vun der Ministesch? Falls jo, sinn hei Staatsbeamten drënner?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten